la Sortie du Jambonneau

De Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg war traditioneller Weis den éischte Samschden am November op Hompré an déi belsch Ardenne gefuer fir um Weier vu „ la Strange “ mat der Méck ze fëschen. Nei war dëst Joer dass mir de Site fir eise Verän gelount haten an domadder och nëmme Membere vum Club Haut do hunn dierfe fëschen. Dëst war doduerch bedéngt dass mir dat lescht Joer de Site hunn misse mat engem Club vun 40 Fëscher deelen deen een Dag virun engem Concours zu Rabais dovunner profitéiert hat fir zu la Strange ze trainéieren. Dat war déi s Gudden dach ze vill an duerfir hat de Gerant eis d´Propose gemeet fir eis de Site ze reservéiere wann mir géifen am Virfeld Bescheed soen. Et haten sech 14 Membere getraff fir zesummen ee flotten Dag beim Fëschen ze erliewen, d´Wieder war der Joreszäit ugepasst, dat heescht naass kal bei ongemittleche 5 ° Grad a fir unzefänken eng gutt Portioun Reen. Dat sollt sech awer am Laf vum Dag besseren a Mëttes ass ze guer hei an do d´Sonn luusse komm. Dofir ware mir awer erfreet fir ze gesinn dass vill um Site selwer geschafft gi war. De Weier war un sech nach ëmmer landschaftlech ganz interessant woubäi ëmmer ee groussen Nodeel war, dass bedéngt duerch dee ville Bësch am Ëmfeld, et ganz schwéier war fir ze werfen. Elo wou ronderëm de ganze Weier de Fichtenbestand ofgeholzt ginn ass geet dat och scho vill besser, dernieft ass de Parking och nei amenagéiert a mat Gabioën agefaast ginn. Nodeems mir ukomm ware si mir eis bei enger gudder Taass Kaffi aschreiwe gaange fir dass d´Bedreiwer vum Site bescheed woussten eweivill Jambonneauë misste preparéiert ginn. Eise Sekretär, den Erny, war extra schonn am Virfeld dohinner gefuer fir d´Modalitéite vun eiser Sortie mat de Bedreiwer vum Site of ze schwätzen esou dass mir Fëscher eis konnten op dat Wiesentlecht konzentréieren, nämlech d´Fëschen an dat sollt och traditioneller Weis schwéier genuch ginn,

och wann dës Kéier plazeweis vill Fësch gefaangen ginn sinn. Esou ass eis scho beim Kaffi drénken opgefall dass de Patrick (Bertrand) eng ganz gutt Plaz fonnt hat, huet Hien dach ee Fësch nom aneren um Ponton gefaangen.....

an et sollt net laang daueren an dunn stoung, ewéi ech dem Patrick dat viraus gesot hat, eise Fëschräiber, de Jeek, niewent dem Patrick an dunn hunn Sie alle Béid, ee Fësch nom Anere gefaange bis.....

Ganz erfreet ware mir och dass de Raym eise Junior de Luca matbruecht hat deen de ganzen Dag iwwer mat vill Begeeschterung bei der Saach war an Owes zesumme, nodeems den Raym hien ee puer mol geruff hat, mam Patrick (Scheid) als Leschten opgehalen huet an ze guer dunn nach beim apaken de Patrick mat Fëscherlatäin beschaffft huet.

De Jemp hat sech an een Hiecht verbass deen de ganzen Dag iwwer gejot huet, Hien hat, nodeems eis gesot gi war dass een och op dëser Plaz kéint Hiechte fänken, Moies direkt seng Hiechtestang montéiert an Hien sollt de ganzen Dag och duer halen och wann Him säin Hiecht versot bliwwen ass, deen Hien sech awer duerch seng Ausdauer giedlech verdéngt gehat hätt. Zwou Touche sollten dann awer säin eenzegt Erfollegserliefnes fir deen Dag bleiwen.

Den Dan an deen anere Raymond (Thoma) hate vum Fëscherdag profitéiert fir sech op de Marathon zu Rabais a Stëmmung ze brénge, wou Sie ewéi ëmmer als Team de Concours mat fëschen. Sie hunn dofir esou aller Hand ausprobéiert an hunn sech och mat eis ausgetosch wann mir ee mol déi richteg Méck fonnt haten an ee puer Fësch gefaangen hunn, och wann et dem Dan schwéier gefall ass fir eis Alles ze gleewen, ewéi wann mir hei an do géife flunkeren.

De Patrick (Scheid) senger Säits hat beim fëschen ee bësse Schwieregkeete fir unzekommen, mee ewéi Hien bis am gaange war Du huet Hien och gewisen dass Hien al d´Variante vum Méckefëschen drop huet an dernieft och nach vill Geschéckerlechkeet un den Dag geluecht huet beim zerleeë vum Jambonneau, woubäi mir bei der Héiss ukomm wären .....

Den Apero war fir zwielef Auer ugesot an natierlech ass hei kee vun de Fëscher ze spéit komm an ewéi séier wat dat schwéiert Fëschen abee mol erëm guer net méi esou schlëmm an d´Stëmmung ass héich geschloen. Och ewéi den Erny eis un den Dësch geruff huet ewell d´Jessen komm ass, huet kee vun de Kollege misse laang gefléift kréien an ewéi séier war et dunn roueg am Sall ewéi bis d´Haaptattraktioun vum Dag, de Jambonneau mat Sause bearnaise Fritten an Zalot, opgedëscht ginn ass a mat d´Stollen als Dessert säi kréinenden Ofschloss fonnt hat.

Heibäi hat, eréi schonn ernimmt, een sech besonnesch Geschéckerlech ugeluecht.....

Hat de Robert an de Roger Moies nach deen néidege Bass un den Dag geluecht, esou si Sie dunn Mëttes d´Fëschen awer ee bësse méi relax an och gutt gesiedegt ugaangen. Moies hat de Roger awer schonn seng Fësch gefaange woubäi de Robert mir dach méi mat Geknouters eréi mat fësche fir deen Dag an Erënnerung bleift.

Mëttes hat de Raym (Paulus) awer am séiersten den Dréi eraus an Hien huet schéi bei d´Fësch gemaach, Hien hat sech wuel besonnesch gutt gestäerkt. Et war dunn och net weider verwonnerlech dass lues a lues ëmmer méi Fëscher sech bei Him an der Noperschaft erëm fonnt hunn, zemools wou et dach anerwäerts net méi esou richteg geklappt huet mat ville Fësch fänken och wann den Dan, nodeems Hien déi richteg Méck fonnt hat, och ee puer Fësch fänke konnt.

Owes hunn mir eis dunn déck zefriddenen op den Heemwee gemaach mam Wëssen erëm ee flotte Fëscherdag a beschter Hierschtstëmmung mat Allem wat dozou gehéiert erlieft ze hunn a mat Sécherheet a gudder Erënnerung behale wäerten.